

Présidence: M. Lucien Weiler, Président

Ordre du jour

1. Communications
2. Ordre du jour
3. Dépôt d'une proposition de loi
4. 5600 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2007

(Rapport de la Commission des Finances et du Budget)

Au banc du Gouvernement se trouvent: M. Jean-Claude Juncker, Premier Ministre; M. Jean Asselborn, Vice-Premier Ministre; M. Fernand Boden, Mmes Marie-Josée Jacobs et Mady Delvaux-Stehres, MM. Luc Frieden, François Biltgen, Jeannot Krecké, Mars Di Bartolomeo, Lucien Lux, Jean-Marie Halsdorf et Claude Wiseler, Ministres; Mme Octavie Modert, Secrétaire d'État.

(Début de la séance publique à 15.04 heures)

D'Sitzung ass op.

»» **M. le Président.** - Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

(Négation)

1. Communications

Ech hu folgend Kommunikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1. La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau. Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2. Les projets de loi et les projets de règlement grand-ducal suivants ont été déposés au Greffe de la Chambre des Députés:

1) **5638** - Projet de loi portant approbation de l'Accord OTAN sur la communication, à des fins de défense, d'informations techniques, fait à Bruxelles, le 19 octobre 1970

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 24.11.2006

2) **5639** - Projet de loi modifiant et complétant la loi modifiée du 12 février 1979 concernant la taxe sur la valeur ajoutée

Dépôt: Monsieur Jean-Claude Juncker, Ministre des Finances, le 24.11.2006

3) **5640** - Projet de règlement grand-ducal modifiant le Règlement grand-ducal modifié du 9 mai 2003 concernant la participation du Luxembourg à la Force Internationale d'Assistance à la Sécurité en Afghanistan (ISAF) sous l'égide des Nations Unies

Dépôt: Monsieur Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Défense, le 27.11.2006

4) **5641** - Projet de règlement grand-ducal modifiant le Règlement grand-ducal du 7 octobre 2004 concernant la participation du Luxembourg à la mission ALTHEA de l'Union européenne en Bosnie-Herzégovine

Dépôt: Monsieur Jean-Louis Schiltz, Ministre de la Défense, le 28.11.2006

5) **5643** - Projet de loi portant approbation de l'Accord instituant la Conférence européenne de Biologie moléculaire, fait à Genève, le 13 février 1969

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 01.12.2006

6) **5644** - Projet de loi portant approbation de l'Accord instituant le Laboratoire européen de Biologie moléculaire, fait à Genève, le 10 mai 1973

Dépôt: Monsieur Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères et de l'Immigration, le 01.12.2006

7) **5645** - Projet de loi sur la réutilisation des informations du secteur public

Dépôt: Monsieur Jean-Claude Juncker, Premier Ministre, Ministre d'État, le 05.12.2006

3. Par lettre du 29 novembre 2006, le Secrétaire général du Parlement européen a fait parvenir au Président de la Chambre le texte des documents adoptés par le Parlement européen au cours de sa période de session du 23 au 26 octobre 2006:

- position sur la proposition de décision du Conseil relative à la conclusion de l'accord entre la Communauté européenne et la Nor-

vège sur la révision du montant de la contribution de la Norvège prévue dans l'accord entre la Communauté européenne et le Royaume de Norvège concernant la participation de la Norvège aux travaux de l'Observatoire Européen des Drogues et des Toxicomanies (OEDT);

- résolution sur l'établissement d'un partenariat stratégique entre l'Union européenne et l'Afrique du Sud;

- résolution sur l'immigration des femmes: le rôle et la place des femmes migrantes dans l'Union européenne;

- résolution sur les relations entre l'Union européenne et la Russie après l'assassinat de la journaliste russe Anna Politkovskaia;

- résolution sur le cancer du sein dans l'Union européenne élargie;

- résolution sur le rapport annuel de la Commission au Parlement européen sur les activités antidumping, antisubventions et de sauvegarde des pays tiers à l'encontre de la Communauté;

- résolution sur le cinquantième anniversaire de la révolution hongroise de 1956 et sa signification historique pour l'Europe;

- résolution sur les suites données à l'avis du Parlement sur la protection de l'environnement: lutte contre la criminalité, infractions et sanctions pénales;

- résolution sur la stratégie de l'Union européenne en vue de la conférence sur les changements climatiques de Nairobi.

2. Ordre du jour

Wat den Ordre du jour vun dëser Woch ubelaagt, huet d'Presidentekonferenz Folgendes virgeschloen:

Haut de Mëttetg hu mer d'Presentatioun vum Rapport vun der Finanzkommission iwwert de Projet de loi 5600, de Statsbudget fir d'Joer 2007.

Muer de Mëttetg um dräi Auer - net wéi ge-winnt um hallwer dräi, mä um dräi Auer - d'Ausfierunge vum Här Stats-a Finanzminister Jean-Claude Juncker souwéi den Exposé vum Här Budgetsminister Luc Frieden iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2007. A muer hu mer och um Ordre du jour de Projet de loi 5535 iwwert d'Conférence de La Haye.

Iwwermuer, en Donneschdeg, de Projet de loi 5490 iwwert de Placement vu mental gestéierte Leit an zuouen Anstalten. Zweetens, de Projet de loi 5543 iwwert d'Verbidde vum Verkaf vun Alkohol u Jonker énner 16 Joer. Duerno de Projet de loi 5592, en UNESCO-Oftkommes. Dann e weidert Ofkommes téschent der Europäischer Unioun an der Ukraine iwwer e weltwäiten Navigatiounssystem. A schlussendlech en Ofkommes mat Mexiko iwwer eng Kooperation an de Beräicher vun der Erzéitung, der Kultur, der Jugend an dem Sport. A schliesslech, als leschte Punkt um Ordre du jour, e Projet iwwer eng Transpositioun vun EU-Direktiven, déi sech mat der Immigratioun befaassen.

Ass d'Chamber mat deem Ordre du jour averstan?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Den Här Fayot wéllt d'Wuert, denken ech, fir d'Motioun, déi d'Madame Brasseur abruedt hat, iwwert d'Reformen am Enseignement.

»» **M. Ben Fayot** (LSAP). - Jo, Här President. Déi Motioun, déi ass an der Kommission diskutiert ginn, an dorriwwer ass och ofgestëmmt ginn. D'Kommission freet, dass déi Motioun virun d'Chamber kënnt. Mir hate geduecht, dat dës Woch nach ze maachen, mä et ass vlächt awer besser, wa mer et d'nächst Woch maachen, en Donneschdeg, de 14., direkt am Ufank vun der Sitzung, sou dass mer den Ordre du jour vun dëser Woch net brauchen ze ännern.

»» **M. le Président.** - Très bien. D'Motioun vun der Madame Brasseur: d'nächst Woch, nächsten Dënschdeg, gegebenfalls no der Heure de questions, wa mer dä eng hätten. D'accord?

»» **Mme Anne Brasseur** (DP). - En Donneschdeg.

»» **M. le Président.** - Ah, dësen Donneschdeg?

»» **Une voix.** - Neen, d'nächst Woch, de 14.

»» **M. Ben Fayot** (LSAP). - Donneschdes, de 14., um hallwer dräi, wann d'Sitzung ugeet normalerweis.

»» **M. le Président.** - Très bien.

Den Här Mehlen huet d'Wuert gefrot.

3. Dépôt d'une proposition de loi

»» **M. Robert Mehlen** (ADR). - Här President, entsprechend den Article 55 a 56 vun eisem Reglement huet ech d'Freed an d'Éier, lech eng Proposition de loi hei ze presentéieren. An zwar betréfft se d'Organisation vun engem Referendum iwwert d'Realisation vun enger énnerierdescher Zuchstreck énnert der Stad mat en etlech Arrêts um Terrain vun der Stad.

5646 - Proposition de loi portant organisation d'un référendum populaire concernant la réalisation d'une ligne ferroviaire souterraine avec plusieurs arrêts sur le territoire de la ville de Luxembourg

»» **M. le Président.** - Ech ginn dem Här Mehlen Akt vum Dépôt vun dëser Proposition de loi, déi an déi legislativ Prozedur ageleet gëtt.

Mir kommen dann zum éischten an eenzege Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut de Mëttetg, dem Rapport vun der Finanzkommission iwwert de Statsbudget fir d'Joer 2007. An dat esou, wéi et am Artikel 105 vum Chamberreglement festgehalen ass. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Thiel. Här Thiel!

4. 5600 - Projet de loi concernant le budget des recettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2007

Rapport de la Commission des Finances et du Budget

»» **M. Lucien Thiel** (CSV), rapporteur. Merci, Här President. Kolleginnen a Kollegen, Dir erënnerst lech nach vlächt un d'Olympiad 2004 deemoos zu Athen, an de Marathon vun de Männer, deen e bëssen en eegenaarteg Enn fonn hat. Bei Kilometer 35 louch de Brasilianer Vanderlei de Lima mat 48 Sekonne Virsprong un der Spëtz, wéi en du vun engem aus dem Publikum vun der Strooss gerapp ginn ass. Deen Aarmen huet zwar duerno eräm ugesat, mä hie war duerch de Virfall aus sengem Rhythmus komm a gouf du vun zwee Konkurrenten iwwerholl, esou datt um Enn némme méi d'Bronzemedail fir hie Rescht bliwwen ass.

Firwat ech lech elo déi Geschicht grad hei erzielen? Mä ganz einfach, well ech bei der Analys vun eiser Budgetssituatioun émmer eräm un deen ongléckleche Brasilianer erënner gi sinn. Well kuckt: Och Lëtzebuerg louch mat senge Statsfinanzen ém-

mer un der Spëtz, bis dunn 2001 d'Bourssé mat hirer Baisse no der geplatzter Internets-blos an der Attack op d'Twin Towers zu New York eis de Fouss gesat hinn, a mir aus dem Trëtt gerode sinn. Wuel lie leie mir nach émmer gutt an der Course, fir déi meescht vun eisen europäesche Partner souguer be-neidenswäert gutt, awer mir kréien eben net méi den éischte Präis, op d'mannst esou laang net, bis mer eräm aus deem Budgets-lach eraus sinn, an dat mer virun e puer Joer gerutscht sinn.

De Verglach mat eisem brasiliennesche Marathonleefer hält awer Gott sei Dank och schonn do op. Well am Contraire zu him, kënne mir et nach färderdeg bréngen, eräm no vir un d'Spëtz ze kommen. An dat misst eis och geléngen, wa mir eis némme richteg uleeën.

Allerdéngs setzt dat viraus, datt mir eis mat den Ursache vun eiser Budgetsentgleisung auserneesetzen an eis net drop beschränken, de Bourssen, op déi mer jo souwisou keen Afloss hinn, d'Schold un eisem - losse mer soen - relative Misär ze ginn.

Well et sinn net d'Finanzmäert eleng, déi eis aus dem Trëtt bruecht hinn. Et hinn och aner Facteure matgespillet, op déi mir am Géigendeel zu de Bourssé wuel schonn eng Handhab hinn, fir net ze soen, un deene mir - net eng bestëmmte Regierung oder eng bestëmmte Partei, neen, mir alleguerete wéi mir hei sätzen, an och nach e puer anerer dobaussen am Land - net ganz onschéleg sinn.

Dofir loosse mer d'Finanzmäert als Troublemaker op der Säit a beschäftegen eis mat eis selwer a mat deene Feeler, déi eis an der Vergaangenheit énnerlaf sinn, an déi mir zum Deel bis haut nach mat eis eräm-schleefen.

Keen Zweifel: Mir sinn nach émmer gutt. Mir sinn nach émmer d'Championen an enger ganzer Rëtsch vun Disziplinen. Mä egal wéi gutt een ass, et kann een awer besser ginn. A well mir vlächt awer net méi esou gutt sinn, wéi Eenzelner vun eis nach mengen, hu mir all Ursach, eis eeschtlech mat eise Schwächten ausenanerzeseten an eis op déi hënnescht Been ze setzen an ze probéieren, eräm ganz no vir ze kommen.

Fir dat färderdeg ze bréngen, musse mer eis dann e Fahrplang ginn. Op deem huet fir d'alleréischt de Retour zum Budgetsgleichgewicht ze stoen, well ouni ausgeglachte Statsfinanze léisst sech op Dauer keng seriö Politik maachen, a scho guer keng, déi Akzenter setzt an déi d'Land fit fir d'Zukunft mécht.

Da musse mer derfir suergen, datt déi öffentlech Investitionsfongen eräm opgeäppelt ginn, déi lues awer sécher amgaange sinn auszedréchen an déi spéitsents an zwee Joer eidel sinn, wa mir se net e bësse méi massiv fidderen, wéi dat am Moment mam Budget méiglech ass.

Bis dohinner musse mer eis och dorriwwer kloer gi sinn, datt mir mat der Zäit eng Rëtsch strukturell Problemer opgekéipt hinn. An der Héichkonjunktur vun den 90er Joren hu mer déi liicht iwwersinn, mä entretemps hu se sech net zulescht dodurch bemierkbar gemaach, datt d'Recetten an d'Dépensen émmer méi auserneegedrift sinn. Deene Strukturdefizienze musse mer seriö op de Pelz réckelen, wa mer op laang Siicht eis Statsfinanzen am Equiliber halen an en plus eist Land a seng Leit esou gutt wéi méiglech op d'Zukunft préparéiere wéllen.

Ob et eis gefält oder net, laanscht dee Fahrplang komme mer net. Dëst émsou manner, well d'Welt net stoe bliwwen ass a munches net méi esou richteg an déi nei Welt passt, wat eis mat der Zäit un d'Häerz gewuss ass.

Déi nei Welt stellt och eis, elo hätt ech bal gesot, eis verwinnte Lëtzebuerger, virun nei Eausfuerderungen. Mir kënneen d'Aen zoumaachen an déi Défien ignoréieren. Mir können och wéi rabbekäppig Kanner drop reagéieren a refuséieren eis mat deenen Eausfuerderungen ofzeginn, well si kënnen eis jo emol dat eent oder dat anert klengt Affer ofverlaangen. Emol net an deem, wat mer hinn, mä bei deem, wat mer nach gäre méi hätten.

Mir können eis awer och deenen Eausfuerderunge vun däri neier Welt stellen, däri eu-